



wier, fir den Amerikaner eventuell entgéintze-kommen.

Bon, mir mussen elo kucken, wat genee do-madder gemengt ass, ier mer eis dann definitiv dozou positionéieren.

Well d'Zäit awer fortleeft an den 1. Mee jo virun der Dier steet - dat spiere mer all -, mengt d'Kommissioun, d'Ausnam kéint een ëm e puer Méint verlängeren. Dat ass zwar ze begreissen, mä et muss een ënnersträichen, dass eis Industrie Previsibilitéit a Stabilitéit brauch. Dat kann net onendlech esou weidergoen. Eng Verlängerung vun der Ausnam sollt och net dem eenzegem Zweck dëngen, géif ech mengen, fir weiderhin den Drock op d'Europäesch Unioun oprechtzëerhalen, fir esou eng Léisung ze erzwingen.

Wat geschitt, wa mer - déi Fro hutt Der jo gestallt - keng permanent Ausnam kréien? Sollt dat de Fall sinn, gesinn ech keng aner Alternativ, wéi dat ëmzesetzen, wat mer jo ugekënegt hunn uganks Mäerz. An d'Virbereedungen dozou si voll amgaangen! Et geet hei besonnesch jo ëm zwou verschidde Riposten.

Dat Éischt, dat ass, wann d'Ausnam fir Europa net verlängert gëtt, entsteet e Milliardeneschued - fir déi Kolleegeen, déi gefrot hunn - fir d'Industrie, deem ee ka schätzen op 6,4 Milliarden Euro, op deene mer selwer da Géigemoossname géint d'amerikanesch Importer kënnen huelen, natierlech am volle Respekt an och am Recht vun der OMC-Prozedur. An des Géigemoossname wäerten haaptsächlech Stolimporter aus den USA an Europa betreffen, verschidden - ech nenne se elo net -, méi emblematesch Industrie- an och Agrarprodukter, virun allem aus Deeler vun Amerika, déi politesch ganz no beim Här Trump sinn.

D'Virbereedungen dozou lafe schonn. An d'Memberstaten hunn net méi fréi wéi gëschter, also gëschter zu Bréissel, hire positiven Accord dozou ginn. An een Deel vun de Géigemesurë kéint schonn den 20. Juni applizéiert ginn. Dat gëtt eis e weéneeg Sputt, fir ze kucken, wéi eis amerikanesch Partner dorobber reagéieren. De Rescht vun de Géigemesurë kéint dann eréischt no dräi Joer respektiv no enger Entscheedung virum Geriicht vun der OMC applizéiert ginn.

Wichtig ass och, Här President, ze ënnersträichen, dass net méi spët wéi virgëschter d'Europäesch Unioun Consultatiounen mat den USA bei der OMC ugefrot huet. Dat ass deem éischte Schrëtt, fir d'amerikanesch Mesuren ze contestéieren an eis Siicht vun de Saachen op formell Aart a Weis ze exposéieren. An des Etapp ass och néideg, fir kënnen Géigemesuren ze huelen. Mä dat ass nëmmen een Deel vun eiser Äntwert.

Gläichzäiteg muss mer derfir suergen, dass den europäesche Maart net iwwerschwemmt gëtt - dat ass vläicht déi gréisste Gefor - mat Produkter, déi net méi an Amerika kënnen verkaaft ginn. An an deem Kontext huet d'Kommissioun de 26. Mäerz schonn eng Enquête de sauvegarde lancéiert mat enger proposéierter Lëscht vu Stolprodukter. Des Enquête soll an deenen nächste Méint, do gëtt gerechent mat néng Méint, fäerdeg sinn.

Am Kader vun esou enger Enquête kënnen mer och provisoiresch Moosnamen huelen. Am Zesammenhang mat der Industrie hu mer selwer séchergestallt, dass d'Stolprodukter, déi hei zu Lëtzebuerg hiergestallt ginn, och wierklech op des Lëscht kommen. Mir waren zu Washington ganz aktiv, fir bei den Europäer derbäi ze sinn, wéi déi Lëscht opgestallt ginn ass. A mir wäerten hei och de genaue Verlaf vun deser Enquête am Detail verfollegen.

Wat déi global Repercussiounen op den Handelssystem wieren, ass gefrot ginn. Och do kann ech mech nëmmen der väster Majoritéit vun den Analysten uschlëssen, déi extrem, extrem besuergt sinn.

De multilaterale Welthandel mat der Welthandelsorganisatioun am Mëttelpunkt, do goug et scho virum President Trump sengen Decisiounen net gutt. D'Resultater, Dir wësst dat, vun der ministerieller Konferenz vun 2017 zu Buenos Aires, déi waren extrem enttäuschend, an d'Blockéierung vun den Amerikaner bei der Ernennung vun neie Richter fir d'OMC-Gericht riskéiert, dee ganze System natierlech ze destabiliséieren. Streidereien um Welthandel kënnen dann also net méi mat engem Uerteel besäitegt ginn. Och hei gesäit een eng systematesch Approche, fir de Multilateralismus vu Washington aus ze kippen. Dat ass grav!

Här President, ech mengen nach e Wuert sollen ze soen iwwert d'Konsequenz vum Här Trump senger Politik. Do kann ee soen, et ass Chaos. An dass d'Recht vum Staarken eng Handelspolitik deem Klenge wëllt imposéieren, do dergéint, mengen ech, muss ee sech wieren, och virun allem hei an Europa.

Wat heescht dat fir d'Zukunft?

Mir mussen weiderhin den Dialog trotzdem mat den Amerikaner sichen. Do hutt Der recht. Mir mussen se iwwerzeegt kréien, dass d'Erhale vum System, dee jo nom Zweete Weltkrich an d'Liewe geruff gouf, an eisem kollektiven Interesse ass an dass se net nëmmen nei Initiative sollen ënnerstëtzen, déi se ee Moment fir gutt fannen. Gläichzäiteg kënnen mer mat hinne a mat anere Länner och kucken, fir d'OMC - wat mer misste maachen - erëm ze verbesseren.

Wat Lëtzebuerg ugeet, exportéiere mer ongeféier 10% vun eise Stolprodukter an d'USA. Déi Zuelen hat ech gesot deemools an der Pressekonferenz. Dir wësst, wat et ass. Dat sinn héichwäerteg Nischeprodukter, Grey-Träger vun Déifferdeng, Palplanche selbstverständlech och vu Belval. Wann een un d'Skyline denkt vun New York, da gesäit ee se net, mä bannendra sinn d'Grey-Träger, an och zu San Francisco.

Falls mer elo keng permanent Ausnam kréien, da kënnt natierlech dat, wat muss kommen: D'Amerikaner sichen dann no anere Produkter, déi vläicht vu manner gudder Qualitéit sinn. A wann et laang dauert, da sinn déi héich Importtariffer natierlech dozou ubruecht, fir dass d'Stolindustrie Investissementer an Amerika mécht an déi Produkter da selwer produzéiert.

Mä, wéi scho gesot, mir stinn a Kontakt mat der Industrie an Europa an hei zu Lëtzebuerg, fir de Schued esou gutt et geet ze minimiséieren. Dir hutt et gesot: Et ass extrem komplex, well dee gréisste Produzent, ArcelorMittal, ech mengen, dat muss ee soen, ass net nëmmen an Europa, en ass och an Amerika an op anere Kontinenten. An do kann et emol llicht Variatiounen an den Interëte ginn. Mä grad weinst dem potenzielle Schued fir d'Lëtzebuergesche Industrie huet, wéi ech gesot hunn, eis Ambassad zu Washington virum Akraafttriede vun den neien Tariffer eng aktiv Demarche gemaach mat der EU-Delegatioun. Mir hunn eis och agesat, dass d'Lëtzebuergesche Produkter, wéi ech gesot hunn, op d'Lëscht vun de geschützte Produkter kommen.

Här President, dee leschte Saz: D'Interesse vun der europäescher Stolindustrie mussen erhale bleiwen. Mir dierfe keng Kompromisser agoen, déi net mat internationalem Recht kompatibel sinn - an ech woen dat hei och ze soen am Numm vun der Lëtzebuergesche Regierung, an ech weess net, ob Der do anerer Meinung sidd -, am Interesse vun deenen Honnerttausende Leit, déi an Europa am Industriesektor hiert Brout verdéngen. Et geet och hei ëm d'Aarbechter an de Schmelzen!

Merci villmools!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Ausseminister.

Domat si mer um Enn vun eiser Aktualitéitsstonn ukomm. A mir géifen vun nächste Projet vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 7196, engem Kooperationsaccord tëschent den EU-Staten an Neuseeland. An de Rapporteur, den Här Marc Angel, ass prett. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

## 4. 7196 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de partenariat sur les relations et la coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la Nouvelle-Zélande, d'autre part, fait à Bruxelles, le 5 octobre 2016

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Jo, nach eng kéier Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, Neiseeland an d'Europäesch Unioun si säit Laangem enk Partner. A mir deelen do och deiselwecht Grondwäerter. A mir hunn natierlech och vill gemeinsam Interessen. Mir hunn als Europäesch Unioun mat Neiseeland och gutt ekonomesch an Handelsrelatiounen, vun deene mer alle béid profitéieren. An och kulturell gëtt säit Laangem vill zesummegeschafft. A mat deem Partnerschaftsofkommes iwwert d'Bezéiungen an d'Zesummenaarbecht tëschent Neiseeland an der Europäescher Unioun verdéiwe mer einfach des Kooperatioun an de Beräicher Politik, Sécherheet, Handel an Investitiounen.

Dese Partnerschaftsaccord EU-Neiseeland ass d'Suite vun enger Déclaration politique conjointe aus dem Joer 1999, déi 2007 adaptéiert gouf. An derniewent goufen natierlech och eng ganz Rei sektoriell Accorden ofgeschloss.

Am Joer 2012 gouf dunn decidéiert, dës Partnerschaftsofkommes auszeschaffen, dat mer haut hei virleien hunn a ratifizéiere wäerten.

Am September 2016 huet de Conseil vun der Unioun formell decidéiert, diesen Accord ze signéieren, an d'Europaparlament huet diesen Accord de 16. November 2017 approuvéiert.

An deem Accord kréien déi bilaterale Relatiounen tëschent der Europäescher Unioun an Neiseeland e modernen an och, mengen ech, kohärente Kader. Den Accord beinhalt eng Serie vu gemeinsame Prinzipien a Wäerter, déi mer deelen, an och déi Standardartikelen iwwert d'Mënscherechter, iwwert d'Massevernichtungswaffen an och aner Waffen an och iwwert d'Cour pénale internationale sinn, wéi an all deenen äänlechen Accorden, hei mat dran.

Wat och wichtig ass: dass niewent der bilateraler och déi regional an déi international Kooperationsduerch diesen Accord verdéift soll ginn. Dese Accord bitt och eng Basis fir méi sensibel Sujeten, fir op méi sensibele Gebitter zesummenzeschaffen, wéi zum Beispill an der Lutte géint d'Geldwäsch, dem Kampf géint den Terrorismus, och dem Kampf géint d'Finanzierung vum Terrorismus, an där ganzer Politik, fir géint den Drogenträic virzegoen, d'Cyberkriminalitéit, d'Korruptioun an d'organiséiert Kriminalitéit.

Ech mengen, fir Lëtzebuerg insbesondere ass och wichteg, nach drun ze erënnern, dass diesen Accord méi en effikas Engagement vun der Europäescher Unioun an de Memberlänner an Neiseeland erlaabt an den Domänen vun der Entwécklungszesummenaarbecht an och vun der humanitärer Hëllef am Pazifikraum.

Natierlech sinn och Fuerschung an Innovatioun an deem Accord behandelt gradesou wéi Educatioun a Kultur. Zum Beispill vereinfacht diesen Accord och den Austausch vu Fonctionnaires aus den EU-Länner mat Neiseeland an awer och vereinfacht e Stagé fir Studenten aus dem drëtte Cycle, fir emol e ganz praktescht Beispill ze ginn.

Den Accord gesäit och vir, dass e Comité mixte, deem aus Vertreeder aus béide Parteien zesummegesat ass, muss derfir suergen, dass diesen Accord gutt fonctionnéiert an dass en och richtig ëmgesat gëtt.

Alles, wat ech lech elo opgezielt hunn, ass natierlech a mengem schréffleche Rapport nozeliesen. An déi 60 Artikelen, iwwer 33 Säiten, déi deem Accord ëmfasst, sinn natierlech wéi ëmmer och um Projet de loi annexéiert.

Här President, Här Minister, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, ech wëll just drun erënnern, dass de President vun der Europäescher Kommissioun am État de l'Union am September 2017 ugekënnegt huet, dass d'Europäesch Kommissioun Mandatar amgaangen ass auszeschaffe fir d'Ophuele vu Verhandlung fir en ëmfassenden Handelsaccord mat Australien a mat Neiseeland. A gläichzäiteg, deem nämlechten Dag, huet d'Europäesch Unioun jo och hiren Handelspak virgestallt fir eng fortschrëttlech, awer och virun allem fair Handelspolitik.

An ech mengen, wann een déi Dokumenter liest, ass et gutt, dass d'EU geléiert huet aus der Vergaangenheet a fir méi Transparenz wéi jee virdu plädéiert a versprach huet - wat fir eis als LSAP ganz wichtig ass, wa mer elo an Zukunft erëm mat Neiseeland a mat Australien wäerte verhandelen, dass och d'EU dat gesot huet -, dass se eng Berodungsgrupp fir déi Handelsaccorden an d'Liewe rëft, wou virun allem d'Zivillgesellschaft matagebonne soll ginn. Dat ass fir d'LSAP eppes, wat ganz wichtig ass, dass do ënnerschiddlech Siichtweisen vun deene verschiddenen Interessenträger erakommen, wéi d'Gewerkschaften, wéi d'ONGen, wéi d'Verbraucherschutzorganisatiounen. Dat ass fir eis, mengen ech, eppes ganz Wichteges.

Ech kommen awer elo op diesen Accord zrëck vun haut a wëllt lech hei och ganz einfach den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deem Projet de loi ginn.

Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. An, Kolleegeinnen a Kolleegeen, et ass relativ vill Gegommels am Sall. Dat mécht dem Riedner d'Saach net einfach. Ech wëll lech just dorop hiweisen.

► **Une voix.** - Ah! Très bien.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An d'Wuert huet elo d'Madamm Nancy Kemp-Arendt.

### Discussion générale

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Merci, Här President. Ech géif mengem Kolleg, dem Marc Angel, e grouse Merci soe fir säin ausféierleche schréfflechen a mëndleche Rapport. Hie mécht dat esou, wéi hien dat ëmmer mécht: En huet praktesch all Punkt opgezielt, deem ech mer opgeschriwwen hat, fir nach eng kéier drop anzegoen, ausser vläicht een. Et ass an deem Accord och nach en Austausch virgesinn, „pro-

gramme vacances“, deem et 50 lëtzebuergesche Studenten erlaabt, während engem Joer am Land ze schaffen an och do ze wunnen an d'Leit do kennenzéieren. E ganz flotte Programm, wat mir vun eiser Säit aus och ganz begreissen.

Ech géif dofir den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn. An ech géif ophale mat engem Maori-Zitat, wat seet: „Mat dengem Kuerf a mat mengem Kuerf wäerten d'Leit zesumme liewe kënnen.“ Hei ass, mengen ech, en Accord, deem erëm des Partnerschaft verdéift a wou mer selbstverständlech hannendrustinn. Dofir den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Den Här Gusty Graas huet d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu jo u sech regelméisseg esou Accorden hei. Meeschtens ginn déi jo mat Länner ausgehandelt, wou éischter Krise sinn, wou et éischter méi schwierig ass, fir eis Wäerter ze exportéieren, wou mer awer wëllen als Europäesch Unioun eis Hëllef leeschten, fir datt do an deene Länner d'Rechtsstaat-lechkeet, d'Demokratieverständnis, d'Roll vun der Fra sollen opgewäert ginn.

Hei hu mer e ganz anere Partner. Hei ass e Land, wat zwar 25 Stonne Fluchzäit vu Lëtzebuerg ewech ass, 100-mol méi grouss ass wéi Lëtzebuerg, et ass awer e ganz interessanten Accord. Ech mengen, et ass och e wichtigen Deel vun europäescher Aussepolitik. Mir sollen de Lien mat esou Partner staark fleegen.

Et ass och virdu gesot ginn, datt iwwert deem Accord hei natierlech och eng gutt bilaterale Relatioun tëschent Lëtzebuerg an Neuseeland kann nach verstärkt ginn. An an deem Sënn wëll ech och dem Marc Angel e grouse Merci aussprieche fir seng verschidde Rapporten a brénge selbstverständlech och gläichzäiteg den Accord vun der DP.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Madamm Loschetter huet d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Merci, Här President. Déi gréng Fraktioun schléisst sech dem Merci un de Rapporteur un a gëtt hiren Accord zu deem Projet de loi.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Merci, Här President. Et ass schonn alles gesot, mä nach net vu jiddwerengem.

### (Hilarité)

Dofir wëll ech mech och uschlëssen: Wann den Här Angel e Rapport mécht, dann ass en och, wéi des kéier nees, ganz gutt. A mir ginn och gar eisen Accord.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An den Här Baum huet d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Jo, well ech mengen, datt awer net ganz alles gesot ginn ass, wëll ech nach e Wuert derbäisoen.

### (Hilarité générale)

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Mir sinn net prinzipiell géint dës Partnerschaftsofkommes mat Neuseeland. Mä mir wëssen awer och, datt dat hei typescherweis d'Virstuf ass vu Fräihandelsaccorden, wéi dat och schonn an deem Fall vun Neuseeland den ausdréckleche Wonsch vun der EU-Kommissioun ass. En äänlechen Accord ass an Ausaarbechtung mat Australien, wou mer fäerten, datt eis den Inhalt an d'Stousrichtung vun deem Fräihandelsaccord, deem d'Suite vun deem heiten, vun deem Partnerschaftsofkommes wäert sinn, net terribel gefale wäert. An duerfir wäerte mir eis och enthalen.

An ech muss awer och soen, datt ech e bëssen erstaunt sinn, datt virdrun esou vill geschwat ginn ass iwwert d'Noudwendegkeet vu multilateralen Ofkommen op Weltniveau an datt och notamment den Amerikaner e bësse virgehäit gëtt, datt si just nach bilaterale wëlle virgoen, wuel wëssend, datt se dann den dominiéierende Partner sinn. Ech stelle fest, datt d'Europäesch Unioun net wesentlech anescht virgeet an deem dote Beräich wéi d'Amerikaner, nämlech datt mer iwwerall probéieren,





bilateral Accorden ze maachen. E Fräihandelsaccord mat Japan soll jo wahrscheinlech am Juni, esou wéi ech matkritt hunn, fräi sinn (veuillez lire: ënnerschriwwé ginn). Dat sinn och alles bilateral Demarchen, keng multilateral, wat mir ausdrécklech bedauern.

Wéi gesot, géint den Inhalt selwer vun dësem Partnerschaftsofkommes kann een näischt hunn. Duerfir si mer och net dergéint. Mä mir wëssen, wat awer kënnt. Duerfir enthalte mer eis.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun. An den Här Ausseminister huet d'Wuert.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Also ech bréngen den Accord vun der Regierung.

#### (Hilarité)

An ech wollt vläicht awer zwou Saache soen. Dat eent, dat ass multilateral oder bilateral Accorden. Mir maachen effektiv als Europäesch Unioun Accorden, zum Beispill mam Mercosur. Dat ass dann total multilateral. Mä et ginn och Länner op der Welt, déi net a regionalen Organisationsinn: Australien, Neuseeland, Japan. An ech mengen net, dass et awer falsch wier, dass d'Europäesch Unioun, wat ëmmerhin 28 Länner nach sinn, dass déi en Accord maache mat engem Partnerland op der Welt.

Dat Zweet, wat ech wollt soen, dat ass: An deem Accord hei... A wéi ëmmer huet den Här Angel dat perfekt duergeluecht, schrëftlech an och mëndlech, mä ech wëll awer vläicht och, wat d'Madamm Nancy Arendt gesot huet, ënnersträichen. Ech weess nach, dass ech extra an Neuseeland an an Australien gaange sinn, fir den Accord fir d'Studenten hinzekréien. Dat war kee Problem.

Ech mengen, dass ech hei vläicht dierf och e Wuert Propaganda maachen, fir dass Lëtzebuerger jonk Leit vun deem Accord profitéieren, dee mer hu mat Australien a mat Neuseeland, fir déi Länner kennenzelieren. Ech mengen, dat ass eng Experienz, déi net nëmmen touristescher Natur ass, mä kultureller Natur ass, déi op engem ganz héijen Niveau steet.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da kënnen mer elo zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 7196.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7196 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

57-mol Jo, 2 Abstentiounen: Domat ass de Projet de loi 7196 adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Cécile Hemmen), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty (par M. Max Hahn), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Sidd Der bereet, de Go ze ginn, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

#### (Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir ginn zum nächste Projet iwwer. Dat ass de Projet de loi 7121, d'Transpositioun vun engem EU-Reglement iwwert d'Schafe vun enger Prozedur fir kleng Sträitfäll. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, d'Madamm Viviane Loschetter.

#### 5. 7121 - Projet de loi relative à la mise en application du règlement (UE) 2015/2421 du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 2015 modifiant le règlement (CE) n°861/2007 instituant une procédure européenne de règlement des petits litiges et le règlement (CE) n°1896/2006 instituant une procédure européenne d'injonction de payer et portant modification du Nouveau Code de procédure civile

##### Rapport de la Commission juridique

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Merci, Här President. Jo, dat stëmmt, „kleng Sträitfäll“ oder op Franséisch „petits litiges“, esou wéi et och am Titel vun dësem Projet de loi steet. Ëm wat geet et?

Et geet eigentlech ëm d'Ofännerung vun engem Reglement, wat et scho gëtt. An et geet ëm d'Applikatioun vun engem Reglement souwuel vum Europäesche Parlament wéi och vum Conseil, wat vum 16. Dezember 2015 datéiert. Ech muss och soen, dass dat neit Reglement applikabel ass scho vum 14. Juli 2017 un. Ëm wat geet et?

Majo, et ass e ganz technesche Projet, mä en huet awer eng Inzidenz, well e villes vereinfacht, an zwar op zwee verschiddene Punkten. Dat Éischt, dat sinn eben déi kleng Sträitfäll oder d'Petit-litigen. An der Procédure européenne geet et drëms, fir d'Prozedur ze vereinfachen, souwuel wat de Käschtepunkt ubelaangt wéi och, wat d'Zäitdauer ubelaangt.

Déi gréisste Modifikatioun, fir just déi ze nennen, ass, dass eben de Plafond applicable vun deene klenge Sträitfäll vun 2.000 op 5.000 Euro eropgesat gëtt, wat et dann och vereinfacht, fir e Recours anzeleeden an deene klenge Sträitfäll, déi transfrontalier sinn, déi grenziwwergräifend sinn, woubäi eng vun de Partien hiert Doheim muss an engem État membre hunn, deen en aneren ass wéi deen, wou d'Juridictioun domadder saiséiert gëtt.

Wat awer elo d'Procédure européenne d'injonction de payer ubelaangt, och do ginn d'Optiounen vum Demandeur verbreedert an deem Sënn, dass par rapport zu enger Opposition, déi forméiert ginn ass vum Défenseur ebe géint eng Injonction européenne de payer, den Demandeur elo neierdénks - neierdénks - d'Méiglecheit kritt, eben op dës Prozedur, dës vereinfacht Prozedur vun deene klenge Sträitfäll zréckzegräifen. Dat ass eng Optioun, déi et virdrun eben net ginn ass.

Dat Ganzt wäert sech elo aschreiwe bei ons zu Lëtzebuerg an deem neie Code de procédure civile.

Just fir nach kuerz ze präziséieren, dass dëse Projet de loi deposéiert ginn ass den 8. Mäerz 2017 vun dem jëtzege Justizminister Braz. De Statsrot huet sech zweemol an zwee Avisen domadder beschäftegt. D'Commission juridique huet effektiv ofgewaart, bis de Statsrot säin Avis complémentaire ginn hat, a mir hunn eis den 28. Februar dëses Joers domadder beschäftegt. Du sinn ech och Rapportrice vun dësem Projet genannt ginn. A ganz genau e Mount méi spéit, näamlech den 28. Mäerz 2018, huet d'Commission juridique à l'unanimité dëse Rapport ugeholl, soudatt ech mengen, Här President, dass mer hei méiglecherweis och wäerten e Vote à l'unanimité an der Chamber kréien. Op alle Fall, déi sechs Stëmmen vun der grénger Fraktioun wëll ech hei scho versécheren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet den Här Léon Gloden.

#### Discussion générale

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Merci, Här President. Déi Procédure européenne d'injonction de payer an d'Procédure européenne de règlement des petits litiges si säit dem Gesetz vum 13. Mäerz 2009 Bestanddeel vum Lëtzebuerger Nouveau Code de procédure civile. Et ass deemools als Mosaiksteen agesat ginn, als Mosaiksteen vum Espace juridique européen, dee mer jo ustriewen an Europa.

Am leschte Rapport vum Justizministère kann ee liesen, dass 163 Demanden eragereecht gi si fir eng Procédure européenne d'injonction de payer an 227 Demandé fir eng Procédure européenne de règlement de petits litiges. Sou eng Prozedur ka gestart ginn, wann eben e grenziwwerschreidend Element am Dossier ass. An et

ass am Fong haaptsächlech geduecht, fir bei deene klengen Zommen ebe méi schnell virunzekommen, dass de Creancier méi schnell u seng Sue kënnt, ouni dass e muss zum Beispill an Däitschland oder a Frankräich eng laangwierreg Prozedur engagéieren.

Dat Reglement, wat elo hei zur Diskussioun steet, wat d'Madamm Rapportrice presentéiert huet, wou ech hir och Merci soe fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport, modifizéiert elo e bëssen déi Prozeduren. Dat neit Reglement ass applikabel säit dem 14. Juli 2017. Mir sinn also erëm ze spéit drun am Fong hei, fir déi Modalitéiten ëmzesetzen. D'Rapportrice huet et och gesot, et sinn technesch Upassungen. Ech mengen, dass een an Zukunft do kann en Effort maachen, fir dass déi da méi schnell kënnen ëmgesat ginn.

Déi Haaptmodifikatioun am Fong steet guer net méi am Text. Si stoung am Projet de loi, esou wéi e vum Justizminister deponéiert ginn ass, fir d'Kompetenz vum Friddensrichter bei der Procédure des petits litiges vun 2.000 op 5.000 Euro eropzesetzen. Mä opgrond vun enger Remark vum Statsrot hu mer dat erausgeholl, well eben hei de Friddensrichter zu Lëtzebuerg souwisou bis zu 10.000 Euro kompetent ass. Ech wollt dat ënnersträichen, net dass d'Leit herno am finale Projet de loi, esou wéi mer e stëmme wäerten, no deem Montant sichen. Deen ass net méi dran. Dat muss een am initiale Projet de loi noliesen.

Da profitéieren ech och vun der Geleeënheet, fir dem Minister säi Versprieche fir „paperless justice“ unzeféieren. Dat hei wier am Fong e flotten, nenne mer et „Pilotprojet“ gewiescht, fir dat ze testen, well och am Considerant 7 vum Reglement, ëm dat et hei geet, steet: «Afin de réduire encore le coût du règlement des litiges et la longueur des procédures, l'utilisation de technologies de communication modernes par les parties et par les juridictions devrait être d'avantage encouragée.»

Här Minister, Dir schwätzt vill vun „paperless justice“, Dir hutt do och grouss Erwaardungen un Iech, un eis, un de Justizapparat. Länner wéi Irland, Finnland, Estland an Eisträich sinn do scho vill méi wäit. Duerfir géif et och elo héich Zäit ginn, dass mer hei géifen op de Wee vun der „paperless justice“ goen. Och hei gëllt de Slogan, Här Minister, „let's make it happen“.

An domadder ginn ech den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

#### (Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An d'Wuert huet den Här Fayot.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Merci, Här President. Mir begreissen natierlech och dëse Projet als LSAP-Fraktioun. Et ass effektiv e gudde Projet, deen et méiglech mécht, an deenen transfrontière Litigen op eng einfach Aart a Weis virzegoen, an duerfir dem Justiziabel, fir u säi Geld ze kommen.

An ech géif nach dovunner profitéieren, fir der Rapportrice, dem Viviane Loschetter, Merci ze soe fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport. An ech bréngen natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. D'Madamm Beissel huet d'Wuert.

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vu mir virop e Merci un d'Madamm Rapporteur Viviane Loschetter fir hiren ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et geet jo hei drëm, wëssend, dass e ganze Koup Leit sech och opgrond vun der libre Circulatioun intracommunautaire bewegen an dass haaptsächlech, wann och Injonctions de payer sinn, mat Momenter da Schwierigkeeten entstinn, fir ebe just dann déi Prozeduren ze vereinfachen, fir d'Käschten ze reduzéieren an haaptsächlech d'Durée vun dëse Prozeduren.

Dofir muss de Lëtzebuerger Code de procédure civile ëngeännert ginn. A mat dësem Projet de loi geschitt dat. Et ass e weidere Stee vun der Harmonisatioun vun den europäesche Prozeduren. An dofir ginn ech heimat den Accord vun der DP-Fraktioun a soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Mir sinn um Enn vun der Diskussioun ukomm. An den Här Justizminister, den Här Félix Braz, huet d'Wuert.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Merci als Éischt der Rapportrice an där ganzer Commission juridique fir déi Aarbecht, déi se hei gemaach hunn.

Ech si ganz frou, dass mer dee Projet haut kënnen unhuelen. Do sinn och Delaie gelaf. An

ech mengen, et ass gutt, dass mer de Projet elo kënnen ofschléissen, well e wierklech potenziell am Interêt vu ganz ville Lëtzebuerger Bierger, och vu Lëtzebuerger Betriber ass. Dat hei sinn, an den Här Gloden huet d'Zuele genannt, net nëmme Randerscheinungen, mä et ass eppes, wat all Dag elo scho genotzt gëtt a wat mat der Zäit mat Sécherheet d'Tendenz wäert hunn, nach ze augmentéieren.

Dofir Merci fir déi diligent Aarbecht, déi mer elo konnte maachen! Ech hunn den Erklärungen näischt bäizefügen. Et ass alles gesot.

Ech wëll just dem Här Gloden äntweren, deen de Projet „paperless justice“ rappeliert. Ech kann den Här Gloden rassurieren: Dir wësst, dass do intensiv dru geschafft gëtt mat all den Akteure vun der Famille judiciaire am breede Sënn vum Wuert. Ob dat d'Parquete sinn, d'Gerichter, d'Notairen, d'Affekoten, d'Greffieren, d'Dierwiechter, jiddwereen ass un deenen Aarbechten associéiert. Et leeft och no Plang. An de Plang ass, wéi Der wësst, Här Gloden, dass mer an dëser Legislatur dat do net ofgeschloss kréien. Dee Plang, dee vun Ufank u genannt ginn ass, ass éischter e Plang, deen am zweete Joer vun der neier Legislatur soll abouéieren. Dir wësst och, dass de Financement vun deem Projet assuréiert ass. Mir hunn do iwwer e Méjoresplang ronn 30 Milliounen Euro zur Verfügung gestallt, fir dee Projet ze maachen.

Dir hutt véier Länner genannt, déi scho fäerdeg sinn. Domat sot Der och, dass der 24 do nach net ënnerwee sinn. Mir sinn ënnerwee! A mir hu wierklech e Projet vun der gréisstméiglecher Ambitioun, wou mer wierklech wëllen op e Stéchdatum x sämtlech Relatiounen an deem heiten Ëmfeld integral op „paperless“ ëmstellen. Dat ass net nëmmen eng informatesch Fro. Dat ass ënner Ëmstänn och eng Fro vu Prozeduren. Doduerch, dass alles digital gëtt, wäerten mer och eng Rei Prozedure kënnen nei erfannen, nei musse schreiwen. Dat ass also och en Deel legislativ Aarbecht, déi dobäi muss gemaach ginn. Mä mir sinn am Timing. Den Timing wäert, wéi gesot, iwwert dës Legislatur erausgoen.

Et ass wierklech bal eng Herkulesaufgab, dee ganze Monde judiciaire op „paperless“ och a senge Relatiounen ëmzestellen. Mä mir schaffen intensiv drun. D'Aarbechte gi gutt virun. An ech sinn och gäre bereet, nach an deenen nächste Méint eng Kéier d'Commission juridique ze informéieren, wou mer genee dru sinn. Mä et ass och fir mech e Projet vun éischter Importenz. A mir sinn am Timing. An ech mengen, mir sollen eis all doriwwer freeën: „We do it happen“!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da kënnen mer iwwert de Projet de loi 7121 ofstëmmen.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7121 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

60-mol Jo. De Projet de loi 7121 ass mat Unanimitéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Mergen), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Tess Burton), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini; MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

#### (Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, der Konsultationsdebat iwwert d'Landesplanung. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. An d'Wuert huet elo den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch.